ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Den 3G op der Aarbechtsplaz gëllt vum 15. Januar 2022 un. Wat déi praktesch Ëmsetzung vun deem Dispositif ugeet, stellen sech eng Rei Froen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Fro stellen:

1. Wéi kann ee Méindes Moies, virun 8 Auer, e valabelen zertifiéierten Test virleeën, wann d'Apdikten eréischt um 8 Auer opmaachen an d'Gültegkeet vun deenen Tester op 24 Stonne begrenzt ass?
2. Eng vun de wéinege Méiglechkeete ass deemno fir Sonndes an eng Apdikt ze goen, déi Déngscht huet, fir Méindes Moies e gültegen Test virleeën ze kënnen. Sinn aner Méiglechkeete virgesinn datt d'Leit Méindes Moies op hirer Aarbechtsplaz e gültegen Test virweise kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten